PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Lëtzebuerg, den 03/12/2024

Débat d'orientat° sur le rapport d'activité de l'Ombudsman (2022) & (2023)

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- De Rapport annuel 2022 vum Ombudsman nennt ee Fall *(Location d'un logement à un membre de famille [2022/33])*, an deem ee Proprietaire vun enger Wunneng dës fir ee reduzéierte Loyer verlouhnt huet, wat fir ee Konflikt tëschent der Steierverwaltung an dem Besëtzer gesuergt huet betreffend de Charges déductibles beim Akommes vum Loyer, well de gefrotene Loyer ënnert dem Duerchschnëttsloyer an der Gemeng loung;
- de Fall 2022/33 aus dem Rapport weist, dass och um Privatmarché Wunnengsbesëtzer existéieren, déi net de maximale Loyer froen, dee se kéinte froen, an dës Besëtzer droen soumadder zur Schafung vun erschwéngleche Wunnraum hei am Land bäi;
- Wunnengsbesëtzer, déi hir Wunneng iwwert de Modell vun der Gestion locative sociale (GLS) verlouhnen, kënnen 90% vum Loyer steierfräi behalen;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. een Incentive auszeschaffen, fir Wunnengsbesëtzer, déi um private Marché erschwéngleche lokative Wunnraum schafen, steierlech z'entlaaschen.
2. sech heifir op Krittären vun der Gestion locative sociale (GLS) ze stäipen.
3. kloer ze stellen, datt kee Wunnengsbesëtzer obligéiert dierf ginn, fir de maximal méigleche Loyer ze froen.

Marc Goergen